

Rapport vun der Entrevue vu „biireng21“/MECO-Lokalsektioun Diddeleng mat dem Diddelenger Schëfferot (Freideg, den 10.Mee)

Den Aktiounskomitee biireng21/Lokalsektioun Mecogouf bei der Entrevue, mat dem Burgermeeschter Alex Bodry an dem 1. Schëffen Dan Biancalana, vertraueden duurch d'Paulette Kieffer, de Marc Lentz, de Raoul Petit an de Jean-Jacques Muller. D'Gespréich waarkonstruktiv an opschlussréich, an d'muss ee feststellen, daat den Schëfferot durchaus Verständnis huet fir d'Bedenken vun de Bierger am Zesammenhang mat der geplangter Terminalvergréisserung.

- Ugangs der Entrevue huet den Här Bodry eis en klengen **Reproche** gemaach, waat eng Bemierkung am Tageblatt ugeet, wou stong daat d'Gemeng op eis „demande d'entrevue“ nach nët reagiert hätt (wat zum Zäitpunkt vum Interview och gestëmmt huet, zum Zäitpunkt vum Erscheinen vum Artikel allerdings net méi) D'Gemeng hätt sech jidderfalls naischt firzewerfen waat d'Promptheet vun hierer Reaktioun op eis Ufro ugeet (waat och stëmmt).
- Den A. Bodry huet sech awer och entschëllegt, resp. erklärt, dass **d'Infoversammlung** vun CFL a Gemeng sou spéit stattfonnt huet (nodeems um Terrain Fakten geschaaf gi sinn, d.h. oofgeholt ginn ass) Eigentlech war se am November/Dezember 2012 geplangt, an d'CFL huet deen Termin aus diversen Grënn (!) nët respektiert.
- Den A. Bodry huet erklärt, dass d'Gemeng, d'Bedenken vun den Birenger Bierger deelt, an nach eng gewiichteg **Handhab op d'Realisation vum Containerterminal**. huet, vu dass nach nët all Terrain'en am PAG als Industrie/Gewerbegebidde ëmklassiert sinn.
- De Schëfferot steet fir **Lärmschutzwänn** anzefuerderen, an mëcht och dementsprechend Démarchen bei CFL a Pt&Ch.; an deem Kontext huet den A. Bodry bemierkt, dass den *Här Benoy vun CFL-Cargo an enger éischer Reaktioun op d'Versammlung sech op gewisen huet, fir Mesuren zur Erhaalung vun der Liewensqualitéit an deenen betraffenen Zonen.*
- Wat de **Verdeelerkrees** ubelaangt, huet den Här Bodry gesoot, dass deen scho ganz laang geplangt ass, virun allem wéinst de chaotésche Verhältnissen bei der Birenger Op- an Ausfahrt op d'A 13, der Gewerbezone mam Staatslabo an dem Logistikzenter; d'Extensioun vum Container Terminal ass dunn ouni Virwarnung am Dezember 2011 (Datum vun der Enquête Publique) dobäi komm, an d'Gemeng war och dovun iwwerrascht; *de Schëfferot huet e négativen Avis géint den Avant-projet sommaire ginn*, virun allem wéinst dem Fehlen vun enger seriöser Verkéiers- an Kaméidistéud. Den A. Bodry huet präzisiert, dass d'Gemeng och eng Solution préfaite vu Pt&Ch. präsentiert kritt hunn, an och nët ganz glécklech domat waar, genau wéi mat dem Verdeelerkreess hannert dem Kräizbierg bei der Op- an Ausfahrt fir d'A3.

- Mår hunn eise Standpunkt betr. dem Verdeelerkreess duurgeluecht: dass mer wuel näischt géint e Verdeelerkreess fir Aus- an Opfahrt op d'A 13, als Anschluss fir de Staatslabo, a vläit zousätzlech Administratiounen mat verstänneg Ausmoossen hunn, mee eiser Usiicht no **d'Camionen** fir den Eurohub (Logistikzenter) an den Container Terminal näischt op dem Verdeelerkreess veluer hätten, a vill éischer missten bei **der A 3 opgefaange** an vun do op déi 2 Siten drainéiert ginn; mår hu proposéiert, daas en **2. Expertenavis** ugefrot gëtt, an zwar bei dem Bureau d'Etudes „komobile“ vum Romain Molitor, dee mat de Verhältnisser ëm Diddeleng vertraut ass, well hien ganz rezent eng Etude betr. dem Verkéier am Kontext vun enger neier Bauschuttdeponie am „Neie Wal“ gemat huet. *Den A. Bodry war domat averstanen, an huet séch bereet erklårt de Bureau Molitor nei ze befaassen. Dono soll och e Kontakt mat eis stattfannen.*
- Den A. Bodry huet och erklårt, dass hien ausserdem Pt&Ch. opfuert **schrëftlech d'Argumenter** anzerechen, firwat si der Meenung sinn, dass de Camionsverkéier fir Terminal an Eurohub net direkt kann bei der A 3 opgefaange gëtt, well hien de 15. Abrëll och net vun hirer Argumentatioun iwverzeegt war;
- Den Här Buergermeeschter war och averstaan eng Etude iwert d'**Loftqualität** erstellen ze loossen, d.h. den Impakt vum zousätzlech ze erwaartenen Camions- an Autostraffic op den Zoustand vun der Loft am Norden vun Diddeleng ze moossen.
- Eng aner Fuerderung vun eis war, dass eis Organisatioun a kontinuéierlecher **Kommunikatioun** mat dem Bauräger/Exploitant vum Projet, awer och mat der Gemeng wéilt bleiwen, fir iwver all zukünfteg Bauschrëtter informéiert ze ginn; an dem Kontext hu mer direkt en neien Termin mat dem Schëfferot ausgemat.
- Den Här Buergermeeschter haat och näischt géint de Prinzip vun enger eventueller **Table Ronde** (Idee vum MECO) mat alle Bedeelegten: CFL, Minister Wiseler als Chef vu Pt&Ch., Diddelenger a Betebuerger Buergermeeschter, biireng21 a MECO. Hien huet och gesot, dass de Minister Wiseler just aus Termingrënn de 15. Abrëll nët op der Infoversammlung am CNA dobäi war.
- Betreffend d' **Renaturéierung vun der Baach** ass den Dossier méi komplex, wéi dat de 15. Abrëll vun dem CFL Ingenieur duergestallt ginn ass, well daat aalt Baachbett méi héich läit, an evtl. bei déckem Reen e Réckstau vun der Baach méiglech ass, mat der Konsequenz, dass d'Leit Waaser an de Keller kréien (do sinn och nach méi detailléiert Etuden noutwendeg); ausserdem kënnt d'Baach net an dat aalt Baachbett, wou d'Beem nach stinn (um Enn vun der Nordstrooss), mee et gëtt e neit Bett gegruewen (wat wahrscheinlech zimmlech déif wäert leie kommen).
- Eis Propositioun vun engem **Spazierwe** an enger **Velospiste** laanscht dat neit Baachbett fënnt den A. Bodry och duurchaus sënnvoll, hie fënnt och, dass do een Ronnkurs kann entstoen, den iwvert d'Schweitzer- an d'Nordstrooss féiert, allerdéngs sinn hei Problemer ze erwaarden, mat Leit di hei Terrain'en hun.

- Mir hun och de Schëfferot gefrot, dass de Centre d'Intervention vun Diddeleng (CID) a nächster Zäit (en Termin, deen nach festzesetze wär) erläutert, waat genau **d'SEVESO-Richtlinien** am Fall vun engem Accident mat geféirleche Substanzen op dem Site vum Container Terminal fir d'Awunner vu Bireng mat sech bréngen. Och hu mer gefrot, wéi d'CFL, resp. de Centre d'Intervention gedenkt d'Awunner an sou engem Fall ze warnen, an hunn d'Form vun enger SMS virgeschloen. Et ass geplangt, dass de CID bei engem Treffen déi concernéiert Bierger informéiert.
- Di nächst **Entrevue mam Schëfferot ass den 17. Juni (17.30 Auer)**